

# Native Village

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Native Village

Neihaischen
Guide and Scout Centre

scenes
scout centres of excellence for nature and environment

## Native Village goes Simply ScOUTing

## 15. oder 16. Mee 2021 um Neihaischen



Och wann de Bealtainefestival 2021 wéinst der COVID-19 Pandemie annuléiert gouf, wëlle mir eise jonke Memberen eng flott a spannend Alternativ zum Festival bidden, dëst natierlech am Respekt vun den aktuellen COVID Bestëmmungen.
Dofir wëlle mir eise Biber, Wëllefcher an AvEx een Dag laang bekannten an och nei Spiller an Ateliere am Native Village ubidden; dëst ënnert dem Slogan „Native Village goes Simply ScOUTing“.

**Horairen:**

Samschdes, den 15. 05. 2021 vun 10h00 bis 17h00 oder Sonndes, den 16. 05. 2021 vun 10h00 bis 17h00.

**Programm fir eis Biber, Wëllefcher an AvEx:**

Um Programm (COVID konform) stinn flott a spannen Aktivitéiten wéi: Highland Games; Afebréck/Seelbunn; Archeologiespill, Liederbännecher mat kelteschen Symboler, Halsschmuck aus Specksteen, Keramikaarbechten, Kraider mat alle Sënner entdecken, Zënn géissen, Déierespill, Bouschéissen, Holzschnëtzen, Wuesdicher bastelen, Textildrock mat Naturstempelen, ...

**Umeldung:**

Wéinst der Organisatioun vun deenen zwou Journéeë an den COVID Bestëmmungen ass et wichteg, dass dir iech sou séier ewéi méiglech mat ärer Datumspreferenz umellt. d’Plazen sinn limitéiert. Detailer wéi Transport, Bestëmmungen, ... kritt dir per Mail geschéckt.
Mellt iech w.e.g als Famill, Ruddel, Trupp bis spéitstens den 26. Abrëll op neihaischen@lgs.lu un.
Deelt eis w.e.g Folgendes mat:

1. Numm vum Grupp,
2. Numm vum responsabelen Chef,
3. E-mail Adress,
4. Zuel vun de Kanner a Cheffen,
5. Datum weini dir kommt,(wichteg aus organisatoresche Grënn): 15.5 oder 16.5.2021



**Transport:**

Weider Detailler zum Transport kritt dir no der Umeldung

E gousse Merci un eis Sponsoren

lalux
Voyages Vandivinit
BIL